Naturschoul Lasauvage – Newsletter fir d'Kanner vum 17. April 2020

Endlech : D'Naturschoul op Youtube!

Gitt op Youtube eisen éischte Film kucken : De Marc als Imker bei eise Beien.

Hei de Link:
https://www.youtube.com/watch?v=nHwTY-ASgxU&feature=youtu.be

Wann der eise Film genee kuckt a gutt nolauschtert, fannt der all d'Äntwerten fir eisen neie Quiz.

Schéckt eis eng Foto oder ee Scan vun den Äntwerten op nature.lasauvage@ecole.lu a mat e bësse Chance gitt der ausgeloust a gewannt 1 Glas Hunneg, ee Buch iwwert d'Natur an ee wonnerschéine Pouster.

1. *Wéi eng Nummer huet d'Beiekëscht, di de Marc opgemaach huet?*
   - *1*
   - *2*
   - *3*
2. *Wéi heescht den Apparat fir Damp ze man?*
   - *Smoker*
   - *Token*
   - *Poker*
3. *Wéi eng Foarf huet de Punkt, mat deem d'Kinnigin markéiert ass?*
   - *blo*
   - *gring*
   - *wäiss*
4. *Firwat picken d'Dronen net?*
   - *Si si méi léif wi di aner Beien.*
   - *Si hu kee Stachel a kënne guer net picken.*
   - *Si sinn ze liddereg fir ze picken.*
5. *Wéi transportéieren d'Schaffbeien den Nektar?*
   - *Am Hënneschten*
   - *Un de Been*
   - *Am Bauch*
6. *Firwat leet de Marc ee Gitter op di grouss Këscht?*
   - *Da kënne sech d'Beie vun uewen an ënnen net vermëschen.*
   - *Da kann d'Kinnigin net rop an den Hunnegraum.*
   - *Da bleiwen d'Beien all an där grousser Këscht.*

däin Numm, ton nom, dein Name :
deng Adress, ton adresse, deine Adresse:

dein(e)